ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

n° 3227

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 30. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An de Publikatioune vum Zentrum fir politesch Bildung gëtt well en neimoudeschen „*" oder „/" benotzt fir ze „genderen" Zum Beispill „jede/-r Einwohner/-in" (aus: Was ist... das Parlament?) oder „Luxemburger*innen" (am Duerchbléck Nummer 3). Dës Broschüren an hir Inhalter wenden sech un d'Schüler a sollen an de Schoule benotzt ginn.

Weder den Genderstärchen nach den Genderbannen-I si virgesinn an den offizielle Rechtschreifreegelen. "Genderen" ass also en orthographesche Feeler.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

1. Ass de Minister der Meenung, datt déi offiziell Orthographie soll an de Schoulen ugewannt ginn?

2. Wéi steet de Minister dozou, datt Broschüren, ewéi z.B. déi vum Zentrum fir politesch Bildung, deen ënnert der Tutelle vum Schoulminister steet, mat orthorgraphesche Feeler erausgi ginn?

3. Wéi steet de Minister dozou, wann an de Schoule Broschüren - oder soss Aarbechtsmaterialien - mat orthographesche Feeler, ewéi z.B. dem Genderstär, verdeelt a benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3227 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Et ass wuel fir jiddereen evident, dass an de Schoulen déi offiziell Orthographie vun de jeeweilege Sproochen ze respektéieren ass.

**Ad 2 an 3)**

Den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) ass eng Fondatioun, déi onofhängeg vu parteipolitesch a weltanschaulech gebonnenen Organisatiounen ass. D'Fondatioun, hir Gremien an hiert Personal féiere keng Regierungspolitik aus a schaffen net op Instruktioun vu Ministèren oder Autoritéiten.

Wéi vill aner Acteuren, ass och den ZpB fräi, Publikatiounen ze erstellen, déi sengem Objet an senge Missiounen entspriechen an déi an de Schoule kënne benotzt ginn.

Och wann et an den zitéierte Beispiller ëm déi däitsch Orthographie geet, sou ginn awer a ville Sproochen d'Gendermarkéierungen ënnerschiddlech benotzt, wat awer net als orthographesch Feeler ze bewäerten ass, mee éischter als Schreifvarianten, déi am Kader vun ëmmer méi grousse Beméiungen ze verstoe sinn, fir sproochlech Diskriminéierunge vun deem engen oder anere Geschlecht ze vermeiden. Et weist op e Bedierfnis hin, eppes auszedrécken, wat et an der Gesellschaft gëtt, wat awer nach net offiziell an de sproochleche Reegelwierker festgeluecht ass. Sprooche sinn eppes Lieweges a verännere sech lafend.

Och fir d'Lëtzebuerger Sprooch ginn aktuell Iwwerleeungen zu engem gendergerechte Sproochgebrauch gemaach. Den Zentrum fir d'Lëtzebuerger Sprooch an de Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch schaffen u Recommandatiounen, fir déi Leit, déi *gendere* wëllen. Zum aktuellen Zäitpunkt sinn awer keng Virschrëften an deem Zesummenhang virgesinn.

Wat déi däitsch Sprooch ugeet, sou huet den Aarbechtsgrupp "Geschlechtergerechte Schreibung" vum Rat für deutsche Rechtschreibung an dësem Zesummenhang de 16. November 2018 no enger ganz interessanter Analys eng Rei Recommandatioune publizéiert, déi een hei noliese kann:

http://www.rechtschreibrat.com/DOX/rfdr_2018-11-28_anlage_3_bericht_ag_geschlechterger_schreibung.pdf